DEMOKRATESCH PARTEI
Dikrich

# DIKRICHER DEMOKRAT

NOVEMBER 2021 | WWW.DIKRICH.DP.LU

## EN NEIEN ELAN

Zanter Mäerz 2020 si mir mat enger Pandemie gehäit, déi déi sozial Kontakter mat Momenter staark ageschränkt huet.

Enn 2021 schéngt et nees biergop ze goen an déi Dikricher DP-Sektioun ass gewëllt en neien Elan ze huelen.

Als Oppositiounspartei am Gemengerot huet d'DP souwuel konstruktiv Kriticke formuléiert, wéi awer och Géigevirschléi am Interesse vun eiser Stad duergeluecht.

Mir wëllen, datt Dikrich eng liewenswäert Uertschaft bleift. Dofir engagéiere mer eis. A mir freeën eis och op är Proposen an äert Matschaffen. Zéckt also net fir eis ze kontaktéieren!

André Bauler
*Deputéierten a*
*President vun der DP-Dikrich*



*INFORMATIOUNSBLAT VUN DER DP DIKRICH*
*VERSION FRANÇAISE:*

# WAT EIS DE MOMENT UM HÄERZ LÄIT ...

➔ **D'Sportsinfrastrukturen (d'Sportshal an d'Piscine) musse moderniséiert an ausgebaut ginn.** D'Infrastrukture mussen „accessible for all" ginn, besonnesch fir Mënsche mat enger Behënnerung. Mir ënnerstëtzen all Efforten an deem Sënn.

➔ **D'Spillplazen erneieren a moderniséieren.**
- Fitnessgeräter fir déi Erwuesse mat aplangen.
- Schaukele fir Rollstullfuerer virgesinn.

➔ **An Zesummenaarbecht mam Jugendhaus eng flott Plaz fir Jonker schafen.**
- De Skatepark nei amenagéieren.
- Geziilt Plaze fir Graffiti eraussichen.

➔ **D'Groussgaass méi attraktiv gestalten.**
- D'Awunner vun Dikrich mat an de Prozess vun enger Erneierung abannen; nofroen, wat hir Besoine sinn.
- Startups a Pop-Up-Buttiker fërderen.

➔ **Un der Parkingsituatioun muss geschafft ginn.** D'Parkplaze musse plazeweis nei agezeechent ginn (besonnesch an der „rue Vannerus"). Et musse méi Kontrolle gemaach ginn. Datt d'CFL ee Parkhaus bei der Gare baut, dat ass begréissenswäert an notzt och der Stad Dikrich.

➔ **D'Mobilitéitsfroen op de Leescht huelen an e schlëssegt Konzept ausschaffen.**
- Vëlo- an Autosverkéier openeen ofstëmme fir virun allem méi Sécherheet ze garantéieren.
- Eng Bilanz vum Citybus „Loui" zéien, fir Upassungen ze maachen. De Schäfferot muss genee Chifferen op den Dësch leeën, souwuel iwwert d'Zuel vun de Leit, déi matfueren, wéi och iwwert déi meescht genotzten Arrêten.
- All Froen zu dësem Thema, déi d'DP an déi aner Oppositiounsparteie gestallt hunn, si bis elo ouni zefriddestellend Äntwert bliwwen.

➔ **Fir méi Chancëgläichheet an der Gemeng.**
- Ee „Plan d'action pour l'égalité" fir d'Gemeng ausschaffen.
- Ee „Service à l'égalité" schafen.

## EDITO

Un nouvel élan

Depuis mars 2020, la pandémie nous accable et réduit les contacts sociaux. Vers la fin de cette année, les perspectives semblent s'améliorer. Dans ce contexte, le DP-Diekirch se propose de prendre un nouvel élan.

En tant que parti d'opposition au conseil communal, nous avons formulé des critiques constructives sans oublier de suggérer des alternatives dans l'intérêt de notre ville.

Nous voulons que la Ville de Diekirch reste une commune attractive où l'on aime vivre. C'est dans ce sens que nous nous engageons. Nous nous réjouissons de vos propositions et de votre collaboration. N'hésitez pas à nous contacter !

André Bauler
*Député et président du DP Diekirch*

## CE QUI NOUS TIENT ACTUELLEMENT À CŒUR ...

➔ En collaboration avec la Maison des Jeunes – créer une nouvelle aire de jeux pour adolescents.

➔ Développer l'attractivité de la zone piétonne.

➔ Accroître et réorganiser les capacités de parking en ville et près de la gare.

➔ Réviser le concept de mobilité de la ville afin de relever les défis actuels.

➔ Assurer l'égalité des chances au niveau communal.

➔ Promouvoir la création d'une nouvelle maison-relais et d'une crèche supplémentaire.

Pour de plus amples détails, veuillez consulter notre site internet **dikrich.dp.lu**

# AKTUELL FROEN AM GEMENGEROT

De Gemengerot ass gewuer ginn, datt de Schäfferot eng fäerdeg Maison-relais vun engem private Promoteur kafe wëll. Et handelt sech ëm dat fréiert Meedercherspensionnat an der Spidolsstrooss. Och wann dës Initiativ am Interessi vun den Dikricher Awunner an hire Kanner ass, hale mir drop, datt de Gemengerot, dee seng Zoustëmmung zu dësem bedeitende Kaf muss ginn, net ka lénks leie gelooss ginn. De Conseil muss also reegelméisseg an déi rezent Entwécklunge vun dësem Projet agebonne ginn.

D'Majoritéit huet eng Etude iwwert eng eventuell nei Crèche an der Blummestrooss ugekënnegt. Well et u Plaze feelt, ass et wichteg, datt dëse Projet Prioritéit huet.










### André BAULER
Deputéierten
President vun der DP Dikrich

### José LOPES
Affekot
Member vum Gemengerot





### Katrin KOHL
Bachelor an der Sozialwëssenschaft
Vizepresidentin vun der DP Dikrich
Vizepresidentin vun der JDL Norden

### Astrid BAULISCH
Privatbeamtin
Trésorière vun der DP Dikrich

*Dës Publikatioun ass op ëmweltfrëndlechem Pabeier zu Lëtzebuerg gedréckt ginn.*

**Mir si fir Iech do.** Wann dir Froen oder Ureegungen zu der Dikricher Gemengepolitik hutt, da kontaktéiert eis op dikrich@dp.lu

dikrich.dp.lu
DPDikrech